# Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen

M.: Pëppy Beicht
T.: Willy Goergen



# Ei, ei, ei

Volléksweis
T.: Jean-Pierre Rollinger



# Jo‘r fir Jo‘r




**Refrain**
Jo‘r fir Jo‘r, sou ëm d’Mëtt vum November
fänken d’Engelcher d’Feier ’rëm un,
’t ass geschwënn nees de 6. Dezember,
an ’t ass dat wat sou gäre mir hunn.

## 1. Strof
Wann de Kleeschen amgaang ass ze baken,
an den Housécker d’Stiwwele schmiert,
dausend Engelcher d’Saache verpaken,
an den Iesel schon d’Reesféiwer spiert.

**Refrain**
Jo‘r fir Jo‘r, ‘sou ëm d’Mëtt vum November,
gëtt de Schong nees op d’Fënster gesat,
t’ass geschwënn nees de 6. Dezember,
den Zinniklos geet duerch d’Duerf an
duerch d’Stad.

# Am Dezember vrun Niklosdag

T | Jemp Rollinger




Säi Gesell dee schwaarzen Houseker
ass op Schrëtt an Trëtt dobäi.
An déi Kanner, déi ze frech sinn,
stécht hien a säi Sak, oh mei!



# Nach eemol ginn ech schlofen




**1.** Nach eemol ginn ech schlofen,
an ass der Dag dann no,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

**2.** Hien huet déi Wonnersaachen
an enger grousser Hatt,
déi schleeft de béisen Housécker
him allenenne mat.

**3.** Dee brauch ech net ze fäerten,
ech kréien och keng Rutt,
ech war, dir kënnt meng Mamma fro'n,
jo ëmmer brav a gutt.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
ech war, dir kënnt meng Mamma fro'n,
jo ëmmer brav a gutt.

**4.** Meng Mamma huet dem Kleesche
geschriwwe laang a breet,
wat hie mir alles brénge soll
a wat mir méich vill Freed.

**5.** E Päerdchen an e Weenchen,
Kuch, Knätsch a Schockela,
a fir meng butzeg Schwësterchen
e schéine Juppela.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
a fir meng butzeg Schwësterchen
e schéine Juppela.

**6.** Kuck Kleesche, gudde Kleeschen,
ech hunn och dru geduecht,
an dengem klengen Ieselchen
vill Schielen higeluegt.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
an dengem klengen Ieselchen
vill Schielen higeluegt.

**7.** Nu Kleesche, villmools merci,
awuer a glécklech Rees,
vu mir a vun der Schwësterchen
och nach eng klakeg Bees.

Tradirallalla – tradirallalla,
tradira - tradira – tradira,
vu mir a vun der Schwësterchen
och nach eng klakeg Bees.